Depot : Alexandra Schoos
PL 8333

1

Lëtzebuerg, den 30. Oktober 2025

**MOTIOUN**

D'Chamber vun den Deputéierten

stellt fest, datt

- de Gesetzesprojet n°8333 betreffend d'Nikotinsäckelcher a senger Formuléierung en extreem restriktiven Nikotin-Taux festhält an domat de facto engem integrale Verbuet gläichkënnt;
- d'EU-Memberstaate keng harmoniséiert gesetzlech Basis an dësem Beräich hunn, wouduerch Nikotinsäckelcher mat héijem Nikotin-Taux weiderhin iwwert den Onlineverkaf an och an de Geschäfter a villen aneren europäesche Länner zougänglech sinn;

ass sech bewosst, datt

- dës rechtlech Disparitéiten d'Bestoe vum parallel lafenden Online-Marché färderen, iwwert deen een déi vum Gesetz implizéiert Restriktiounen einfach ëmgeet;
- dës rechtlech Disparitéiten d'Beschafe vun den Nikotinsäckelcher am Ausland net verhënneren, mee esouguer färderen;
- dës rechtlech Situatioun zousätzlech e substanzielle Verloscht u steierleche Recetten an der Staatskeess zur Konsequenz huet;

fuerdert d'Regierung op,

- virum Enn vun der aktueller Legislaturperiod en detailléierte Rapport virzeleeën, deen d'Ëmsetzung vun dësem Gesetzesprojet a senger Effikassitéit an a sengen Auswierkungen – besonnesch a Bezuch op d'Gesondheet, d'Konsumverhalen, den ëffentleche Marché an d'staatlech Recetten – analyséiert.

Alexandra SCHOOS

ADR – Groupe parlementaire 25, Ënneschtgaass · L-2240 Lëtzebuerg Tel. : (+ 352) 463742